N°3209
Entrée le 07.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°3209 vum 19. November 2025 vum éierewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Installation de miradors de chasse".**

**1. Wéi gëtt kontrolléiert, datt Héichsëtzer legal opgestallt goufen an déi néideg Geneemegungen hunn?**

D'Naturverwaltung (ANF) kann, am Kader vun hire Kontrollaktivitéiten, iwwerpréiwen, ob opgeriichten Héichsëtzer de naturschutzrechtleche Bestëmmungen entspriechen an ob déi erfuerderlech Geneemegunge vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit virleien a respektéiert goufen.

**2. Wien ass fir dës Kontroll zoustänneg a wéi dacks gouf an der Vergaangenheet kontrolléiert?**

D'Kontrolle kënne wéi gesot vun der Naturverwaltung gemaach ginn. Et gëtt keng dediéiert Statistik fir dës Kontrolle bei der Naturverwaltung geféiert.

**3. Wéi oft gouf een Héichsëtz illegal gebaut?**

Wa festgestallt gëtt, datt Héichsëtzer ouni déi néideg Geneemegung opgeriicht goufen, gëtt e Procès-verbal un den zoustännegen Parquet iwwermëttelt. Well D'Beamten an deem Fall dem Parquet ënnerstinn, leien dem Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit keng Donnéeë vir, wéi dacks dat de Fall war.

**4. Firwat gi keng Statistike gefouert op Basis vun den Demanden, déi beim Ëmweltministère agaange sinn?**

D'Naturverwaltung féiert keng separat Statistik iwwert d'Unzuel vun den geneemegten Héichsëtzer pro Joer, well et mam aktuellen informatesche System net méiglech ass, déi Zuel ouni gréisseren Opwand ze ermëttelen. Et sief och gesot, dass een net obligéiert ass, en geneemegten Héichsëtz opzeriichten. Mécht een dat net innerhalb vun 2 Joer, ass d'Geneemegung hifälleg.

Lëtzebuerg, den 7. Januar 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit